N°3795
Entrée le 19.03.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.03.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 19. Mäerz 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden:

„Däitsch Medien hu gemellt, datt d'Turbulenzen an d'Ugrëff an der Strooss vun Hormuz op Schëffer dozou féieren, datt d'europäesch Landwirtschaft ëmmer méi Problemer kritt, fir un Dünger ze kommen; dat zu engem Moment, wou d'Baueren amgaang si fir hiert Akerland op d'Fréijoer virzebereeden.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau follgend Froe stellen:

- Sinn der Madamm Ministesch schonn Engpäss an deem Kontext bekannt?
- Ëm wat fir een Dünger handelt et sech do méi präzis?
- Ginn et momentan Alternativen zum Dünger, deen aus der Golfregioun kënnt?
- Wéi huet sech de Präis vum Dünger op den europäesche Mäert zanter dem Hierscht 2025 entwéckelt? "

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten